D’Gemeng Ierpeldeng-Sauer an d’Asbl “Energie mat Verstand”bleiwe bei hirer Opposition géint eng Wandmille no bei den Haiser vu Bierden. Fir dat nach eng Kéier däitlech ze maachen, haten si Métt Mee op eng Pressekonferenz invitéiert. De Buergermeeschter Claude Gleis huet virun allem de Manktem un Transparenz an Dialogbereitschaft am Dossier Wandmille kritiséiert an drop higewisen, dass dëse Projet d’Nordstad-Fusioun kéint seriö a Gefor bréngen. D’Gemeng Ierpeldeng huet och selwer een Alternativ-Site an d’Spill bruecht. A wéi wäit dee consideréiert gouf, doriwwer herrscht Intransparenz. Mä wéi et ausgesäit hält Nord-Energie mat de Gemengen Ettelbréck an Dikrech un hire Pläng bei Bierde fest an um Enn riskéiere souguer déi 2 Wandrieder gebaut ze ginn.

Fir “Energie mat Verstand” dominéieren natierlech déi gesondheetlech Risike vun esou enger 230 Meter héijer Wandmille, déi nëmme ronn 750 Meter vun den éischte Bierdener Haiser soll fort stoen.

Dësen Dossier ass sécher nach net zou a Bierden an d’Gemeng wäerten sech weider wieren.

Angelduerfer Kiermes a Celsusfeier



Angelduerfer Kiermes **Sonndes 16. Abrëll 2023**


Programm:
 09:30 Kiermesmass
 10:15 Seenung vun de Gefellerer
 11:00 Apéro am Zelt beim Pompjeesbau
 12:00 Kiermeskascht am Pompjeesbau

Kiermesmenu: Waarm Ham mat Gromperen, als Dessert e Stéck Taart mat der Kiermesdrépp

Umelle kann Dir iech bis den 7. Abrëll um 691 325797 oder laocour@ma.com
 Nom Umelle kann dir de Präis vum Menu (2,9€) ob eise Konto iwwerweisen:
 CCPL LU41 1111 0455 5865 0000 (Syndicat)



Tendances Jardins





1. Mee Feieren



De Meekranz vun der Spillschoulsklass vum Caroline Gleis a vum Sylvie Heinen



Eeërfierwe vun EIS a vun den Jugendpompjeeë Angelduerf



Pompjéesübung am Haff Mathey

Samschdes, de 4. Mäerz ass eng grouss Pompjéesübung zu Ierpeldeng un der Sauer organiséiert ginn. Am Matheyshaff op der Kräizung Porte des Ardennes a rue Laduno war sech folgenden Übungzenario ausgeduecht ginn; e Grupp Kanner ass zesumme mat hirer Educatrice de Bauerenhaff besiche gaange wei et eemol geknuppt huet. E Feier ass am Keller duerch eng Verpuffung un der Heizung ausgebrach, d'Feier huet sech direkt op de Stall ausgebreit an d'Wunnhaus komplett ënnert Dampf gesat. D'Kanner sinn aus Angscht an de Schlasspark gelaf.

Beim Antrefe vun de Pompjeeën huet et gegollt d'Feier ze läschen, de Bauer aus dem Stall ze rette souwéi 3 Persounen aus dem Wunnhaus ze evakuéieren an d' Kanner all erëmzeffannen.



Un der Übung bedeelegt waren de CIS Angelduerf, de CIS Fellen, de CIS Tandel, de CIS Nordstad, de GIS Ravi, de GIS Gato, de GIS Cyno an divers Acteuren aus der chaîne de commandement.

Ee grouse Merci gëllt den Organisateuren awer virun allem dem Architektbüro Thillens & Thillens, deen de Pompjeeën des Gebailechkeete fir Übungen zur Verfügung stellt.





AVIS

« Sportler a Persounenerung »
 an der Gemeng lerpeldeng-Sauer
 de 27. Februar 2023
 Joer/Saison - 2022 -

D'Sportsveräiner aus der Gemeng lerpeldeng-Sauer si gebieden, dem Schäfferrot déi Equipen a Sportler matzedeelen (per Brief oder Email : invitation@erpeldange.lu), déi am Laf vun der vergaangener Saison een nationalen Titel (Equipe oder individuell) an enger offizieller nationaler oder internationaler Competition gewonnen hunn.

Dat selwecht gëllt fir Sportler déi an der Gemeng lerpeldeng-Sauer wunnen awer hire Sport an engem Veräin aus enger anerer Gemeng ausüben.

Des weidere ginn och Membere vu lokale Kulturveräiner oder Privatleit mat Verdéngschter (kulturell, schoulesch, asw.) gebieden hir Referenzen un de Schäfferrot weider ze leeden.

Umeldungfrist : Sonndes, de 15. Januar 2023

lerpeldeng-Sauer, de 21. Dezember 2022

Sportleréierung



Gross Botz



Hobbymaart



**Kanner-Second-Hand Maart
 18 Mäerz 2023**

Terpeldeng/Sauer

- Vun 9.00 bis 15.00 auer
- Am Centre culturel
- Kaffistuff
- Méiëtes Pasta Schuta fir de Klengen Honger an en gudden Eisekuch

HOBBY CLUB TERPELDENG

Spuerverein Amicale Dornik Geering

**Floumaart am Schoulhaff
 18 Mäerz 2023**

Terpeldeng/Sauer

- Vun 9.00 bis 15.00 auer
- Beim Centre culturel
- Kaffistuff
- Méiëtes Pasta Schuta fir de Klengen Honger an en gudden Eisekuch

Mir sichen Leit déi Loscht hunn fir mat ze maachen.


Umellen:
 guyweber@pt.lu

HOBBY CLUB TERPELDENG


Spuerverein Amicale Dornik Geering



Buergbrennen zu Angelduerf



Buergbrennen zu Ierpeldeng-Sauer a Bierden



Kannerfuesbal



Kannerfuesbal



Liichtmëss- an Heeschendag, remise cheque



Aktivitäten a Manifestatiunen
Activités et manifestations



De Kleeschen an den Houseker kommen an d'Schoul bei d'Kanner vum Cycle 1

5. Dezember 2022

Als Merci, well d'Kanner aus der Education Précoce an deenen 3 Spillschoulsklasse mat hire Mol- a Bastelaarbechte fir ee flotten Dekor bei der Chrëschtfeier zu Bierde gesuert haten, hat de Syndicat d'Initiative eng Iwwerraschung fir si geplangt. Méindes mëttes, de 5. Dezember koumen de Kleeschen a säi Gesell, den Houseker bei si an d'Klassen an hu jiddwer Kand

ee Boxemännche matbruecht. D'Kanner hunn deenen zwee voller Freed hir Niklosladder virgedroen a ware guer net schei fir ee Fotoshooting mat hinnen ze maachen. Villmools Merci fir dës flott Initiative!



Chrëschtmaartbus op Köln



Remise d'un don pour l'Association Luxembourgeoise d'Aide aux Enfants Cardiaques (ALAEC)



D'lescht Joer hate mir an der Schoul eng Chrëschtfeier organiséiert
An d'Personal vun der Maison Relais hat d'Hal schéin dekoréiert
Vill Stonnen hu mir gebak, gebastelt, gehummert a geseet
Fir dass de 16. Dezember vill flott Saache stoung bereet

D'Kanner vu Precoce bis Cycle 4 hunn flott Lidder, Dänz a Sketcher presentéiert
A kruten vun den Elteren, Famill a Frënn gutt applaudéiert
D'Eltervereenegung hat eis och gutt ënnerstëtzt deen Dag
An hat fir eis de Comptoir an de Kuchverkauf gemaach

Eis Chrëschtfeier war duerch déi grouss Ënnerstëtzung super ofgelaf
E ganz décke Merci geet un d' Leit déi bei eis hu kaaft
Mir waren eis direkt eens dass mir den Erléis spenden fir eng gutt Saach
An hunn en decken Don fir d'häerzkrank Kanner gemaach

Mme Lenz an Mme Pletschet hunn de Kanner erzielt wat mat hire Suen geschitt
A si hunn Erklärungen an Äntwerten op hir Froen kritt
De Schäfferot an eisen Direkter, den Här Roettgers, waren och komm
An hunn eis felicitéiert fir eis Aarbecht an déi schéin d'Zomme



Chrëschtconcert



60+ Feier





LUX-Mëschungen – Zertifizéiert Geseems vun heemesche Wëllplanzen aus regionalem Ubau

Fir d'Biodiversitéit ze ënnerstëtzen ass eng qualitativ héichwäerteg Geseemsmëschung mat Wëllplanzen aus eiser Region gëeegent. Den Naturschutzsyndikat SICONA an den Naturmusée schaffen zanter e puer Joer zesumme mat weidere Partner um Opbau vun enger Lëtzebuenger Someproduktioun vu Wëllplanzen. D'Zil ass fir mat Hëllef vu Lëtzebuenger Baueren zertifizéiert Geseems vun heemesche Wëllplanzenaarten ze produzéieren. D'Planze ginn op de Felder no ökologesche Krittären ugebaut, de Som gëtt recoltéiert an d'Firma Rieger-Hofmann stellt d'Geseems dann zu verschiddene Wëllplanzemëschunge fir Lëtzebuerg zesummen.

Gemengen a Privatleit, déi eng Blummewiss op öffentleche Gréngflächen oder doheem am Gaart uleeë wëllen, recommandéiere mir d'LUX-Mëschung vum der Firma Rieger-Hofmann. Dës Mëschungen enthalen nëmmen Aarten, déi zu Lëtzebuerg natierlech virkommen a wichteg Fudderplanze fir eis heemesch Päiperleken an aner Insekten sinn. Den Ubau an d'Vermaartung vum Lëtzebuenger Wëllplanzegeseems gëtt an all senge Produktiounsofschnëtt no strenge Krittären kontrolléiert. Ee Qualitéitssigel bestätegt transparent déi regional Hierkonft vum Wëllplanzegeseems.

Wou kann ee LUX-Mëschung kafen?

Fir kleng Fläche vu 25–50 m² kennen 100 g Tute vun den dräi Mëschunge LUX-Blumenwiese, LUX-Schotterrasen a LUX-Bunter Saum & Schmetterlingspflanzen bei folgende Partner an Ärer Ëmgéigend kauft ginn:

- Angelduerf, Barenbrug Luxemburg
- Bartreng, a.c.i.e.r. Luxembourg
- Diddeleng, Fondation Kräizbiere
- Kockelscheier, Haus vun der Natur
- Lëtzebuerg, Ëmweltberodung Lëtzebuerg
- Lëtzebuerg, Oekozynter Pafendall
- Lëtzebuerg, Shop vum 'natur musée'
- Ollem, Naturschutzsyndikat SICONA
- Réiden op der Atert, Op der Schock
- Réiden op der Atert, Waasserhaus
- Useldeng, Tourist Info Wëlle Westen

Weider Verkafsplazen a vill zousätzlech Informatiounen zum „Wëllplanzesom Lëtzebuerg“ fannt Dir op:
www.sicona.lu/projekte/saatgut.



All d'LUX-Mëschunge kënnen och a gréissere Quantitéiten am Web-Shop vum der Firma Rieger-Hofmann ënnert „Mischungen für Luxemburg“ bestellt ginn:
www.rieger-hofmann.de.

Fir déi richteg LUX-Mëschung auszewielen, berode mir Iech gären.



Naturschutzsyndikat SICONA
12, rue de Capellen L-8393 Olm
T : (+352) 26 30 36 25
E : administration@sicona.lu





D'Geseemsmäschungen:
LUX-Blumenwiese,
LUX-Schotterrasen a
LUX-Bunter Saum & Schmetterlingspflanzen.



Dir erkennt Wëllplanzesom Lëtzebuerg-
zertifizéiert Geseems um Qualitéitssigel.



Eng Blummewiss, déi mat der Mëschung LUX-
Blumenwiese ugeséint ginn ass.



E Feld op dem d'Pecheg Liichtblumm (Lychnis
viscaria) am Kader vum Projet „Wëllplanzesom
Lëtzebuerg”
ugebaut gëtt fir d'Geseems ze recoltéieren.
D'Geseems gëtt duerno an d'LUX-Mëschungen
ageschafft.

NORDSTAD

NightHop

Nuets mam Bus all Stonn duerch d'Nordstad hop'en.

**MIR FUEREN
FIR IECH!**

Freides a Samschdes vun 23 bis 2 Auer

Colmar-Berg Schieren Ettelbruck Warken Erpeldange/Süre Ingeldorf Diekirch Gilsdorf Bettendorf Moestroff



Horaire > www.nordstad.lu/dienste/nightbus/

Nei Photovoltaikanlag um Gebai vun der Heintz van Landewyck um ZANO



Club Senior Nordstad

Enn des Joer 2022 hunn eis 9 Partnergemenge missten entscheiden, wien de neie Gestionnaire vum Club Senior Nordstad géif gi well d'Club Senior Nordstad a.s.b.l. ab 2023 net méi weidermécht. D'a.s.b.l. huet sech d'Decisioun, hier Aufgaben un e professionellen Träger wieder ze ginn, net einfach gemaach, mä Enn 2022 war et esou wäit. All de Membere vum Club Senior Nordstad a.s.b.l. soe mir e grouse Merci fir hier laangjäreg an engagéiert Aarbecht !

Eis Partnergemengen hunn Inter-Actions a.s.b.l. als neie Gestionnaire erausgesicht an de Club Senior Nordstad ass zanter dem 01.01.2023 bei Inter-Actions a.s.b.l. am Boot. Offiziell huet den Här Dr. Leners, President vun der Club Senior Nordstad asbl de „Staf“ un den Här Roger Faber, President vun Inter-Actions a.s.b.l. bei der flotter Neijoerschreption den 18. Januar 2023 iwverrecht. A senger Ried huet den Dr. Leners bewosst d'Bild vun engem Staffellaf gewielt well all LEEFER seng Fäegkeeten asetzt fir seng Equipe an dat soll och an Zukunft esou sinn. Den Här Faber huet sech engagéiert, dat de neien Träger säi Kenne wäert optimal notze fir d'Aktivitéite vum Club Senior Nordstad ze ënnerstëtzen, mä natierlech och nei Weeër wäert goen.

Den 31. Dezember 2022 war de leschte Schaffdag vun der d'Chargée de Direction vum Club Senior Nordstad, der Madamm Barbara Wiesen-Pankratz, déi no méi wéi 23 Joer am Déngscht vum Club Senior Nordstad an déi wuelverdénge Pension gaangen ass. Och hier soe mir Villmools Merci; si huet ëmmer hiert Bescht gemaach fir flott Aktivitéiten ze fannen an hier war et ëmmer wichtig, dat d'Clienten zefridde waren, sief dat bei enger klenger Aktivitéit oder enger grousser Rees.

De 15. März 2023 fänkt déi nei Responsabel, d'Madamm Maud Dumay beim Club Senior Nordstad un a mir wënschen hier vill Freed a Succès bei hirer neier Aufgab. D'Clientë vum Club Senior Nordstad dierfen sech freeën ob hier gewinnten Aktivitéiten a gespaant sinn ob e Summer mat flotte neie Projeten. D'Equipe vum Club freet sech ob lech!



Brochure actuelle



Blëtz a.s.b.l.

Lëtzebuenger Associatioun fir
Betroffener vun engem Hiereschlag

2013 - 2023

Wer sind wir?

- Ziel der Vereinigung ist es Personen mit einem Schlaganfall zu helfen.
- Sie bietet den Betroffenen, ihren Familien und Freunden Hilfe und Unterstützung an.
- Sie achtet auf die Integration der Betroffenen in die Gesellschaft, dazu unterstützt sie die Verbesserung der Lebensbedingungen der Betroffenen und ihres Umfelds.
- Sie informiert die Öffentlichkeit über die Fragen, die mit Gehirnverletzungen einhergehen und die Bedürfnisse, die sich aus diesen Verletzungen ergeben.
- Sie fördert die medizinische und die wissenschaftliche Forschung, die sich diesem Thema widmet.
- Die Vereinigung achtet auf strikte ideologische, politische und religiöse Neutralität.

Agenda Juli

- 01.07. Entspannungssport**
10.00-11.00 Uhr
im Kulturzentrum Hüncheringen
- 02.07. Petanque**
10.00-12.00 Uhr
im Stade John Grün in Mondorf
- 08.07. Therapeutische körperliche Sportaktivität**
10.00-12.00 Uhr im Rehacenter
- 15.07. Tag der offenen Tür**
10.00-11.00 Uhr
Fatigue nach Schlaganfall - Was tun?
11.00-12.00 Uhr
Singen mit Camille Kerger
im Kulturzentrum Hüncheringen
- 24.07. Video 10 Joer Blëtz**
www.bletz.lu

Agenda August

- 06.08. Petanque**
10.00-12.00 Uhr
im Stade John Grün in Mondorf
- 24.08. Video 10 Joer Blëtz**
www.bletz.lu

Agenda September

- 03.09. Petanque**
10.00-12.00 Uhr
im Stade John Grün in Mondorf
- 16.09. Therapeutische körperliche Sportaktivität**
10.00-12.00 Uhr im Rehacenter
- 23.09. Tag der offenen Tür**
10.00-11.00 Uhr
Wenn die Sprache nicht mehr will...
11.00-12.00 Uhr
Singen mit Camille Kerger
im Kulturzentrum Hüncheringen
- 24.09. Video 10 Joer Blëtz**
www.bletz.lu
- 30.09. Entspannungssport**
10.00-11.00 Uhr
im Kulturzentrum Hüncheringen

Ënnerstëtzt eis a gitt Member

F Face = Gesicht
Bitten Sie den Patienten zu lächeln.
Ist das Lächeln asymmetrisch?



A Arms = Arme
Bitten Sie den Patienten, beide Arme zu heben.
Sinkt ein Arm nach unten?



S Speech = Sprache
Ist die Sprache verwaschen oder komisch?
Bitten Sie den Patienten einen einfachen Satz
z.B. "Der Himmel ist blau" zu wiederholen.



T Time = Zeit
Erkennen Sie eines dieser Symptome:
umgehend 112 wählen !!!



112 Wichtige Informationen für den Rettungsdienst:

- Genaue Uhrzeit des Beginns der Symptome
- Vorerkrankungen und aktuelle Medikation

Zwischenzeitlich:

- Achten Sie auf freie Atemwege
- Dem Betroffenen nichts zu essen oder zu trinken geben!



All Dag kréie 4 Leit e Schlag zu Lëtzebuerg - ☎ 112 - Zäit = Gehier

Blëtz a.s.b.l. Lëtzebuenger Associatioun fir Betroffener vun engem Hiereschlag
Tel. 26 51 35 51 • info@bletz.lu • www.bletz.lu • CCPL IBAN LU84 1111 7009 1792 0000





Blëtz a.s.b.l.

Association luxembourgeoise pour concernés d'un accident vasculaire cérébral

2013 - 2023

Qui sommes-nous?

- L'association a pour objet de venir en aide aux personnes concernées par un accident vasculaire cérébral.
- Elle apporte une aide et un soutien aux concernés, à leur famille et à leurs amis.
- Elle se propose de veiller à l'intégration des personnes concernées dans la société et d'améliorer et de faciliter leur vie et celle de leur entourage.
- Elle fait connaître au public les problèmes liés aux lésions cérébrales ainsi que les besoins que ces lésions font naître.
- Elle favorise la recherche médicale et scientifique y afférente.
- L'association est neutre du point de vue idéologique, politique et confessionnel.

Agenda juillet

01.07. Sport de relaxation
10.00-11.00 hrs
au Centre culturel de Huncherange

02.07. Pétanque
10.00-12.00 hrs
au stade John Grün à Mondorf

08.07. Activité physique thérapeutique
10.00-12.00 hrs au Rehazenter

15.07. Porte ouverte
10.00-11.00 hrs
Fatigue après un AVC - Que faire ?
11.00-12.00 hrs
Séance de chant avec Camille Kerger
au Centre culturel de Huncherange

24.07. Vidéo 10 Joer Blëtz
www.bletz.lu

Agenda août

06.08. Pétanque
10.00-12.00 hrs
au stade John Grün à Mondorf

24.08. Vidéo 10 Joer Blëtz
www.bletz.lu

Agenda septembre

03.09. Pétanque
10.00-12.00 hrs
au stade John Grün à Mondorf

16.09. Activité physique thérapeutique
10.00-12.00 hrs au Rehazenter

23.09. Porte ouverte
10.00-11.00 hrs
Quand la parole ne vient plus...
11.00-12.00 hrs
Séance de chant avec Camille Kerger
au Centre culturel de Huncherange

24.09. Vidéo 10 Joer Blëtz
www.bletz.lu

30.09. Sport de relaxation
10.00-11.00 hrs
au Centre culturel de Huncherange

F Face = visage
Demandez au patient de sourire.
Le sourire est-il asymétrique ?

A Arms = bras
Demandez-lui de lever les deux bras.
Un des deux bras tombe ?

S Speech = parole
Faites-le parler ou répéter une phrase simple
p.ex. le ciel est bleu.
A-t-il du mal à parler ou à articuler ?

T Time = temps
Si le patient présente un de ces signes,
appelez immédiatement le 112 !!!

112 Informations importantes pour les secours :

- Heure exacte du début des symptômes
- Antécédents médicaux et traitement actuel

Entretemps :

- Dégagez les voies respiratoires!
- Évitez toute alimentation solide ou liquide!

Soutenez-nous et devenez membre

Chaque jour 4 personnes ont un AVC au Luxembourg - 112 - Temps = Cerveau


Blëtz a.s.b.l. Association luxembourgeoise pour concernés d'un accident vasculaire cérébral
Tél. 26 51 35 51 • info@bletz.lu • www.bletz.lu • CCPL IBAN LU84 1111 7009 1792 0000





E puer
 Léisungen

an der
 Täsch?



Ëmweltberodung
 Lëtzebuerg a.s.b.l.
 ebl.lu / info@ebl.lu

ËMWELT-APPS

(* Hei si just e puer Beispiller. Kenns du nach anerer?)





Quelques solutions

dans la poche?



NORD ♥ STAD

radbonus

RADELE MIT DIZZY & GEWINNE!

15.05. - 15.10.2023

Jetzt mitmachen:
Radbonus-App installieren &
Zugangscodé „nordstad-aktiv“
eingeben.

radbonus

Play Store



App Store



BEI SPANNENDEN RADFAHR-CHALLENGES WARTEN TOLLE PREISE AUF SIE!

Die Nordstad radelt für mehr Lebensqualität.



Alle Challenges und mehr Infos unter www.nordstad.lu/radbonus2023/ oder www.radbonus.com/nordstad

JIP-Jugendinfopunkt – Outreach - Incubator, déi nei Servicer vun der Nordstadjugend - Och fir déi Jonk vun Ierpeldeng



De 17. Abrëll 2023 war di feierlech Erëffnung vum JIP - dem neie Jugendinfopunkt, dem Service Outreach an dem Incubator zu Ettelbréck am Quartier Gare.

De JIP ass e gratis Informatiounscenter fir Jonker tëschent 12 a 30 Joer, mee och Elteren a Jugendaarbechter kréien hei Informatiounen. Themen si Fräizäit, Bildung, Beruff, Wunnen, Mobilitéit, Gesondheet, europäesch Projeten, Fräiwëllelegendéngscht a viles méi. Hei ass e Raum wou déi Jonk nogelauschtert kréien a wou si op hirem Wee zum Erwuesse ginn gestärkt ginn. Am JIP gëtt et gratis Zougank zu Informatik-Material an Internet.

Personal ass d'Nathalie Lobato an d'Nathalie Neumann

De Service Outreach ass an de Raimlechkeete vum JIP. Hei ginn déi Jonk do ofgehall, wou si grad stinn a ginn ënnerstëtzt a begleet fir rëm hir Plaz am Liewen ze fannen. Eis Outreach behalen d'Hoffnung fir déi Jonk, wann si selwer keng méi hunn. Déi Jonk ginn aktivéiert fir hir Perspektiven a Méiglechkeeten ze entdecken an ze realiséieren.

Personal ass d'Melinda Rensonnet an d'Celia Empain

Den Incubator ass och an de Raimlechkeete vum JIP. Den Incubator ass e Service an Zesummenaarbecht mam Service national de la Jeunesse, dee Jonker ënnerstëtzt, eng ASBL oder eng Jugendinitiativ ze grënnen. Si kréien hei eng Adress a Zougank zu engem Coworking Raum, souwéi Büros an Informatikmaterial.



Adresse vum JIP, dem Outreach an dem Incubator:
26, rue Prince Henri L-9047 Ettelbréck

Öffnungszeiten :

Méindes	11:30-13:30 & 15:00-17:00
Dënsdes	11:30-13:30 & 15:00-17:00
Mëttwochs	11:30-13:30 & 15:00-17:00
Donneschdes	11:30-13:30 & 15:00-17:00
Freides	07:00-09:00 & 11:30-13:30

Tel :

JIP 80 91 65 30
Outreach 80 91 65 31

Weider Infos ënnert www.nordstadjugend.lu






**17. September
2023
AUTOFRÄIE
SAUERDALL
IERPELDENG-SAUER – MECHELA**

 **Organisatioun:** D'Gemengen Ierpeldeng-Sauer a Buurschent mat der Ënnerstëtzung vun de Jugend-, Sports a Kulturkommissiounen 



Natur erliewen an der Gemeng:



D'Naturdetektive vum SICONA
ënnerwee an der Gemeng
Ierpeldeng-Sauer mam Lise

Cyle 2-4

Méi Informatiounen

fënns du hei :





Programm

Januar – Dezember'23

Wéini ?

Wat ?

☐ **07.02.2023**

14h00 – 16h30

Wanterfudder fir Villercher

*Wéi eng Villercher verbréngen de Wanter bei eis?
Mir preparéieren hinne Wanterfudder, daat dir kennt mat
huelen a bei iech dobaussen kennt ophänken.*

☐ **25.07.2023**

14h00 – 16h30

Fliedermais & Co.

*Wann dir nach méi iwwert dës ganz interessant
Déierenaart wëllt wëssen, da sidd dir häerzlech
wëllkomm!*

☐ **23.11.2023**

14h00 – 16h30

Erfelingsraum Naturheck

*Mir beobachten d'Veerännerunge vun den Hecken am
Hierscht a kucke wat fir Friichten do wuesse. Mir
sammelen, entdecken, spillen a bastele mam Material wat
mer an der Heck fannen.*

Du wëlls dobäi sinn? Tu veux participer ?

→ Umeldung / Inscription

Via E-mail :

- Nom, prénom d'enfant
- Matricule de l'enfant
- Numéro de téléphone de la personne responsable
- Commune

E-mail: pedagogique@siconal.lu

MERCI ! 😊



Krunnewaasser vs. Fläschewaasser

Wisou einfach wann et och komplizéiert geet?

Origine Fläschena- a Krunnewaasser



Grondwaasser aus Lëtzebuerg an der Émgeigend
 Entreprise brauchen dofir d'Erlaabnes vum Staat

national & regional

D'Fro vum Recht op Waasser
 #Wasserrecht #Wasserramut #Wasserrecht #Hogersnout

international

Eventuell kënnt däi Fläschewaasser aus enger Regioun, wou déi lokal Bevëlkerung keen Zougang zu propperem Krunnewaasser huet. Informéier dech!

Wou kënnt däi Fläschewaasser hier?

Waassergewönnung
 duerch privat Grousskonzerner

Waassergewönnung
 duerch Waassersyndikater & Gemengen (zu Lëtzebuerg)

→ lokal & national

Verännerung duerch Zousatzstoffe

Dësch- a Sodawaasser vs. Mineral- a Quellewaasser

Dësch- a Sodawaasser ass keen Naturproduit. Et gëtt industriell hiergestallt a kann deemno eng Mëschung aus verschidde Waasserarten (Mier-, Uewerfläch-, Grondwaasser) an Zousatzstoffe sinn.

Mineral- a Quellewaasser kommen aus engem Waasser virkommen, dat ënnerierdesch läit an op der Plaz ofgefëllt gëtt. Mineralwaasser muss ursprënglech reng sinn, dat heescht et duerfe keng menschengemachte Stoffe enthalen. Dëst ass net de Fall bei Quellewaasser.

Waasseranalysen

Beim Dësch- a Quellewaasser sinn déi Grenzwäerte muer streng wéi beim Krunnewaasser!

Waasseranalysen

Krunnewaasser ass dat am strengste kontrolléiert Liewensmittel iwwerhaapt!

Mikro-biologesch a chemesch Eegenschafte ginn duerch d'Waassersyndikater, de Staat an d'Gemenge reegelméisseg kontrolléiert

Befüllung Plastik- a Glasfläschchen

- Energieverbrauch
- Ressourcenverbrauch
- Waasserverbrauch
- Schuedstoffemissionen

Opbereedung & Verdeelung

Uewerflächewaasser gëtt opbereet. Beim Grondwaasser ass dëst meeschtens net néideg

Transport & Lagerung

- Energieverbrauch
- Ressourcenverbrauch
- Schuedstoffemissionen
- Flächeverbrauch
- Kaméidi
- Infrastrukturbelaaschtung

Entsuergung

- Ëmweltbelaaschtung
- Belaaschtung vun de Mierer
- Aartestierwen
- Enorm Käschte fir d'Gesellschaft (Offallmanagement an Ëmweltschutz)

Clever drénken

- D'opféllbar Drénkfläsch fir ënnerwee
- Krunnewaasser mat enger frëscher Zitroun oder Menthe oppuppen
- Spruddelewaasser selwer produzéieren
- Wa Fläschewaasser, dann aus Pfandglasfläschchen aus der Regioun!
- Du brauchst genau Zuelen?
 - Drénkwaasseranalyse bei der Gemeng ufroen
 - Drénkwaasser aus dem Krunn vun dir doheim gratis ënnersicht loosse -> Ufro beim Laboratoire vun der Waasserverwaltung -> waasser.lu

Fläschewaasser

Krunnewaasser

Fir 1 € 1,5 Liter vs. 200 Liter (x7)

Ëmweltimpakt

bis 1.000 mol méi Ëmweltbelaaschtungspunkte pro Liter*

Mineralgehalt mg/l**	Ca	Mg	K	Na	Cl	SO4
Fläschewaasser	4 - 240	1 - 67	0 - 16	1 - 34	1 - 33	4 - 400
Krunnewaasser	25 - 110	4 - 5	1 - 3	6 - 19	14 - 45	11 - 40
Maximalwert***	/	/	/	200	250	250

** Dëse variéiert staark an Ofhängegkeet vum Ursprung vum Waasser an/oder der Verkaufsmark
 *** Maximalwäerte vum der Drénkwaasserverordnung (fir Krunnewaasser) zu Lëtzebuerg (= kee Grenzwäert festgeluecht)

Leitungswasser vs. Flaschenwasser

Wieso einfach wenn es auch kompliziert geht?

Ursprung Flaschen- und Leitungswasser



Grundwasser aus Luxemburg und der Umgebung
Unternehmen brauchen hierzu die Erlaubnis des Staates

national & regional

Die Frage des Rechts auf Wasser
#Wasserrecht #Wasserarmut #Wasserkriege #Hungernot

international

Womöglich stammt das Wasser aus Regionen, wo die lokale Bevölkerung kein Zugang zu sauberem Leitungswasser hat. Informiere dich!

Wo kommt dein Flaschenwasser her?

Wassergewinnung
durch private Großkonzerne

Wassergewinnung
durch Wassersyndikate & Gemeinden (in Luxemburg)
→ lokal & national

Veränderung durch Zusatzstoffe

Tafel- oder Sodawasser vs. Mineral- und Quellwasser

Tafel- oder Sodawasser ist kein Naturprodukt. Es wird industriell hergestellt und kann somit eine Mischung aus verschiedenen Wasserarten (Meer-, Oberflächen-, Grundwasser) und Zusätzen sein.

Mineral- und Quellwasser stammt aus einem Wasservorkommen, das unterirdisch liegt und vor Ort abgefüllt wird. Mineralwasser muss ursprünglich rein sein (es dürfen keine menschengemachten Stoffe enthalten sein). Dies ist nicht der Fall bei Quellwasser.

Wasseranalysen
Bei Tafel- und Quellwasser sind die Grenzwerte weniger streng als bei Leitungswasser!

Wasseranalysen
Leitungswasser ist das am strengsten kontrollierte Lebensmittel!
Mikro-biologische und chemische Eigenschaften werden durch die Wassersyndikate, den Staat und die Gemeinden regelmäßig kontrolliert

Befüllung Plastik- und Glasflaschen

- Energieverbrauch
- Ressourcenverbrauch
- Wasserverbrauch
- Schadstoffemissionen

Aufbereitung & Verteilung
Oberflächenwasser wird aufbereitet. Beim Grundwasser ist dies meist nicht nötig

Transport & Lagerung

- Energieverbrauch
- Ressourcenverbrauch
- Schadstoffemissionen
- Flächenverbrauch
- Lärmbelastung
- Infrastrukturbelastung

Entsorgung

- Umweltbelastung
- Belastung der Meere
- Artensterben
- Erhebliche Kosten für die Gesellschaft (Abfallmanagement und Umweltschutz)

Clever trinken

- Die nachfüllbare Trinkflasche für unterwegs
- Leitungswasser mit frischer Zitrone oder Minze aufpeppen
- Sprudelwasser selber produzieren
- Wenn Flaschenwasser, dann aus Pfandglasflaschen aus der Region!
- Du brauchst genaue Zahlen?
 - Trinkwasseranalyse bei der Gemeinde anfragen
 - Trinkwasser aus dem eigenen Wasserhahn gratis untersuchen lassen -> Anfrage beim Laboratorium der Wasserverwaltung -> waasser.lu

Flaschenwasser

Leitungswasser

Für 1 €

1,5 Liter

200 Liter (x7)

Umweltimpact



bis zu 1.000 mal mehr Umweltbelastungspunkte pro Liter*

* Ökobilanz Trinkwasser, esu-services.ch

Mineralgehalt mg/l**



	Ca	Mg	K	Na	Cl	SO4
Flaschenwasser	4 - 240	1 - 67	0 - 16	1 - 34	1 - 33	4 - 400
Leitungswasser	25 - 110	4 - 5	1 - 3	6 - 19	14 - 45	11 - 40
Maximalwert***	/	/	/	200	250	250

** Dieser variiert stark in Abhängigkeit vom Ursprung des Wassers und/oder der Verkaufsmarke
*** Maximalwerte der Trinkwasserverordnung (für Leitungswasser) in Luxemburg (= kein Grenzwert festgelegt)

Herausgeber
Émweltberodung
Lëtzebuerg a.s.b.l.
eb1.lu / info@eb1.lu



In Zusammenarbeit mit
LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable
et des Infrastructures
Administration de la gestion de l'eau



Veröffentlicht von:



KlimaPakt
Mierg Gemeng engagiert sech




NULL OFFFALL



Ech kucken ob ech de Produit och ouni oder mat mander Verpackung fanne kann...

... an ech bréngen natierlech mäin eegenen Akafskuerf mat, deen ech ëfters notze kann.



Ech trenne mäin Offfall richteg an de faarwegen Drecksbüschten oder an der bloer Valorlux Tut.

PUB
Mir entsuergen nach ze oft Saachen an der Rescht-Poubelle, déi nach kéinte kompostéiert oder recycléiert ginn.



Ongebrauchte Saache kann ech verschenken, verkafen oder tauschen.

Selwer kann ech och iwver dese Wee gebrauchten Artikelerecupéréieren a weider notzen.



Ech si keng 'fast fashion' Victime a kafe léiwer gutt Kleeung, déi laang hält.

Dobäi privilegiéieren ech fair, biologesch, an eventuell regional produziéiert Produkter.




Ech drénke Waasser vum Krunn a fülle mäi Bidon fir ënnerwee.

Leitungswaasser brauch keng Eewee-Verpackung an ass vill méi gönschteg ewéi Fläschewaasser.



Ech raume mäi Frigo sou, datt ech fir d'éischt dat iesse wat geschwënn nët méi gutt ass.

Ech gi kreativ a kachen nei Menüe mat deene Saachen, déi gläich oflafen.



Scho beim Akaf kann ech drop oppassen, datt meng Geräter reparabel sinn.

Ob professionell Reparatur, Repaircafé oder Do-it-Yourself, flécken ass oft nach méiglech.



Fir datt meng Saache méi genotzt ginn, verléinen ech se och un d'Famill oder un d'Noperen.

Da brauch mander kaf, a schlussendlech mander entsuergt ze ginn.



Ech kafe just, wann ech eppes och wierklech brauch.

Sou halen ech mäi Wunnraum a meng Drecksbüschten, mee och mäi Geesch, fräi.

Méi zum Thema! → www.klengschrett.lu




Un petit pas pour moi Un grand pas pour l'environnement

ZÉRO DÉCHETS



Au magasin, je regarde si je peux trouver le produit sans ou avec moins d'emballage...

... et j'apporte mon propre panier ou sac, que je peux réutiliser à tout moment.



Je trie correctement mes déchets dans les poubelles colorées ou dans la poubelle bleue Valorlux.

Nous jetons encore trop souvent des choses compostables ou recyclables dans la poubelle noire.




Je peux donner, vendre ou échanger des objets que je n'utilise plus.

De même, je peux moi-même récupérer des objets usagés et continuer à les utiliser.



Je ne suis pas une « fashion victim » et je préfère acheter de bons vêtements durables.

Je privilégie les produits équitables, bio et éventuellement produits localement.



Je bois l'eau du robinet et je remplis ma gourde pour mes déplacements.

L'eau du robinet ne nécessite pas d'emballage jetable et est beaucoup moins chère que l'eau en bouteille.




J'organise mon frigo de manière à utiliser d'abord les aliments qui périssent bientôt.

Je suis créatif et incorpore les aliments que je ne veux pas gâcher dans de nouvelles recettes.



Déjà lors de l'achat, j'essaie de m'informer si mes appareils sont réparables.

Réparation professionnelle, 'Repaircafé' ou DIY... une réparation est souvent encore possible.



Pour que mes affaires soient davantage utilisées, je les prête aussi à la famille ou aux voisins.

Ainsi on réduit la quantité d'objets achetés et, au final, la quantité de déchets.



Je deviens un maître dans l'art de résister aux achats impulsifs.

Trop d'objets encombrant non seulement mon lieu de vie et mes poubelles, mais aussi mon esprit.

Plus sur le sujet!



www.klenschrett.lu

Editeur:

Ëmweltberodung
Lëtzebuerg a.s.b.l.
ebl.lu / info@ebl.lu



Partenaires:



Cercle d'échecs NORDSTAD

Le cercle d'échecs NORDSTAD fondé en novembre 1999 sur base d'une fusion des cercles d'échecs d'Ettelbruck et de Diekirch rassemble les joueurs d'échecs de la région des communes de NORDSTAD et alentours. Ainsi on peut considérer le club d'échecs NORDSTAD, à part le cercle d'échecs de Perlé, comme étant le seul club situé dans l'Öslingen. Le club compte actuellement une trentaine de membres actifs dont une dizaine de jeunes et aligne deux équipes au championnat national dans la division « Promotion d'honneur » et « 4ème Division ». De plus les joueurs participent soit individuellement, soit en équipe à d'autres tournois nationaux et internationaux. Les entraînements et les rencontres du championnat ont lieu dans le local de jeu situé dans l'Annexe Maison Birkelt, 2 rue Abbé KALBERSCH, L-9146 Erpeldange-sur-Sûre. Les entraînements pour adultes sont organisés les mardis à partir de 20 00 Hr et pour les jeunes les samedis à partir de 10 15 Hr.

Les données du club sont accessibles sur le site internet www.schachclub-nordstad.lu, l'adresse e-mail de contact est la suivante : nordstadschachklub@gmail.com.

Le comité est constitué comme suit :

Président : KRIES Yvon (GSM 621338738)

Secrétaire : MULLER Guy - Trésorier : WITTERS Patrick

Membres : WEBER Philippe, PEREIRA Marco, MEURIN Patrick.



TRAINING fir Kanner & Jugend :
Samschdeg um 10 15 Hr

CLUBOWEND:
All Dënschdeg ab 20 00 Hr

CLUBLOKAL:
Annexe Maison Birkelt
Rue Abbé KALBERSCH
L-9146 Erpeldange-sur-Sûre
e-mail: nordstadschachklub@gmail.com



**KOMM SPILL MAT SCHACH
SETZ EIS SCHACHMATT**



WWW.SCHACHCLUB-NORDSTAD.LU



Ferme Stein zu Bierden



Foto mise à disposition par Francis Dahm



D'Gemengeverwaltung | L'administration communale

Tél. 81 26 74 1
Fax: 81 97 08
Adresse: 21, Porte des Ardennes
L-9145 ERPELDANGE-SÛRE
Adresse postale: B.P. 39 L- 9001 Ettelbruck
Site Internet: www.erpeldange.lu

Heures d'ouverture:

	LUNDI	MARDI	MERCREDI	JEUDI	VENDREDI
matin	7.30-11.30	7.30-11.30	fermé	7.30-11.30	7.30-11.30
après-midi	13.00-18.00	13.00-16.30		13.00-16.30	13.00-16.30

Numéros de téléphone utiles:

COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

GLEIS Claude, bourgmestre 621 73 45 46
PIERRARD Romain, échevin 661 80 29 93
LEIDER Gilbert, échevin 621 35 64 84

SECRETARIAT

secretariat@erpeldange.lu
TROES Paul, secrétaire communal 81 26 74 301
COLAS Allan, rédacteur 81 26 74 305
DELAGE Tracy, expéditionnaire 81 26 74 312
WELTER Jeanne, expéditionnaire 81 26 74 311

BUREAU DE LA POPULATION

MELCHIOR Claude, expéditionnaire 81 26 74 304
EVEN Claude, rédacteur 81 26 74 314

RECETTE

recette@erpeldange.lu
KREMER Carlo, receveur communal 812674 307

SERVICE TECHNIQUE

techniques@erpeldange.lu
Adresse: 120, Porte des Ardennes
L-9145 ERPELDANGE/SÛRE
Adresse postale: BP 39 L-9001 Ettelbruck
Fax: 26 81 06 51 23

	LUNDI	MARDI	MERCREDI	JEUDI	VENDREDI
matin	sur RDV	9.00-11.30	sur RDV	9.00-11.30	sur RDV
après-midi		sur RDV		sur RDV	

KLEIN Sandy, ingénieur industriel 26 81 06 51-21 (seulement les matins)
CLERF Charel, ingénieur industriel 26 81 06 51-20
HAAS Kevin, expéditionnaire technique 26 81 06 51 -22

ATELIER COMMUNAL

atelier@erpeldange.lu
Adresse: 9, rue Gruefwee
L-9147 ERPELDANGE-SÛRE
DE KROON Romain, ouvrier dirigeant 26 81 06 50 / 621 35 27 17



